

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21. Januar 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un den Här
Ekonomieminister an d'Madamm Ëmweltminister weiderzeleeden.

An den Artikelen "*Tout le secteur de la construction pénalisé par ses déchets*" an "*15 à 20.000 tonnes de terre chaque jour en décharge*", déi den 18. an den 19. Januar um Zitt vum Paperjam verëffentlecht goufen, heescht et, datt d'Lëtzebuerger Bauentreprisen all Joers 8 bis 10 Milliounen Tonnen un Äerd aushiewen. Aktuell sinn d'Deponien, fir dës Offäll ze entsuergen awer chronesch iwwerlaascht. Chauffeure waarden oft stonnelaang, fir hir Liwwerung lass ze ginn. Dëst féiert zu immensen Zousazkäschte fir déi betreffen Entreprisen, well si hir Leit fir déi Zäit musse bezuelen, awer souwuel Mann wéi Material déi Zäit op anere Plaze feelen. Weider gëtt drop verwisen, datt zousätzlech Arealer géifen zur Verfügung stoen, mee, datt déi entspreichend Exploitatiounsgeneemegunge vu Säite vun den Autoritéite feelen.

An deem Zesummenhang géife mir der Regierung gär dës Froe stellen:

- 1) Sinn der Regierung dës Mësstänn bekannt? Wa jo, wéi reagiert si dorop?
- 2) Wéi eng Arealer fir d'Entsuergung vun ausgehewener Äerd ginn aktuell gepréift? Säit wéini lafen dës Prozeduren a bis wéini gesäit d'Regierung den Ofschluss vun de Geneemegungsprozedure vir?
- 3) Kann d'Regierung matdeelen, wéi vill Zousazkäschten während de Joren 2018 bis 2020 duerch déi uewe beschriwwe Mësstänn jeeweils bei Projeten entstane sinn, wou de Staat an/oder d'Gemengen als Bauhär optrieden?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup
Deputéierten



Jeff Engelen
Deputéierten